Dat muss een och bei deene Programmes indicatifs de coopération kucken, ob dat elo reng Ausféierungsbestëmmunge vun engem bilateralen Accord sinn, oder ob do och Dispositioune mat ageholl ginn, déi innovativ sinn, nei sinn, nei Engagementer hunn. An deem Fall misste se ratifizéiert sinn.

An déi zweet kumulativ Konditioun, dat ass, datt d'Akte vun deenen zwou Parteien, also déi Actes d'exécution vun deenen zwou Parteien, deenen zwee betraffene Staten dem gemeinsamen Accord e confidentielle Charakter ginn, wéinst der Sensibilitéit vun deenen dora beschriwwenen Informatiounen.

Elo ass dat ganz kloer esou, datt dës Konditioun praktesch nëmme kann am Beräich vun der Sécherheetspolitik gëllen! Et ass schwéier sech virzestellen, ausser Verdeedegung, Polizei oder Lutte contre le terrorisme oder wat och ëmmer, Geheimdéngscht, datt d'Dispositioune kéinten an engem Accord festgehale ginn, déi déi do Konditioune géifen erfëllen, wa se net am Sécherheetsberäich sinn.

Et ass also esou, datt mer hei en Avis juridique hunn, dee géint d'Jurisprudenz steet, awer dee kloer Konditioune virschreift. An ech mengen, et ass eis politesch Verantwortung hei, datt mer dann déi Konditiounen, op déi mer eis awer hei am Konsens, mengen ech, kënnen eenegen, datt se sënnvoll sinn, datt mer déi awer och strikt anhalen an dann och kucken an eisen diversen Aktivitéitsberäicher vun der Legislatioun, ob mer eis dann och konform verhalen zu deene strenge Regelen, déi mer eis awer haut wëlle ginn.

Dofir hu mer och als ADR insistéiert an der zoustänneger Chamberskommissioun, datt de Contrôle politique vun der Chamber muss kënne weider ausgefëllt ginn. Dat heescht, do hu mer verlaangt - an ech sinn och frou, datt mer dat hei och allgemeng als akzeptéiert kënnen ugesinn -, datt d'Chamber muss informéiert ginn iwwer alles, wat an deem dote Beräich mat auslännesche Staten ofgemaach gëtt. Et kann net sinn, datt d'Regierung seet: „Et brauch weder eng Ratifizéierung nach eng Publizitéit vun engem Accord d'exécution" an dann higeet an d'Parlament net informéiert.

Et ass fir eis vun zentraler Wichtegkeet, datt d'Parlament a senger Funktioun vum Contrôle politique vun der Aktivitéit vun der Regierung net ka behënnert ginn. Och wann d'Parlament, wéi et hei gesot gëtt, wann et wierklech ganz sensibel Informatioune sinn, sech selwer eng Diskretioun operleet, wat selbstverständlech ass, mä de Contrôle politique muss kënne weider erfëllt ginn.

Ënnert deene Konditiounen, wéi gesot, kënne mir als ADR dat heiten och matdroen. Mir ënnersträichen dat, wat d'Virriedner gesot hunn, den Här Graas an anerer, datt mer mat der Belsch exzellent frëndschaftlech Relatiounen hunn, datt dat hei e weidere Bäitrag ass, fir déi Relatiounen ze festegen an auszebauen. Alles dat kënne mer begréissen.

Mä ech mengen, och déi Diskussioun, déi mer hei hunn iwwert déi Avis juridiques, iwwer eis Verfassungsméissegkeet, d'Verfassungsméissegkeet vun dësen Accorden, gëtt eis eng nei politesch Verantwortung an der Emsetzung vun enger Rei vun Traitéen. A mir mussen där gerecht ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Et bleift eis nach de leschte Riedner, den Här Marc Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President, mat deem Gesetz hei gëtt en Accord-cadre geschaaft fir d'Zesummenaarbecht mat der Belsch a Saachen Défense. Dat heescht, et ass eng Zort Prabbeli, ënnert deem sech all aktuell an zukünfteg Kooperatiounen an deem Beräich ofspille sollen. De Problem ass awer, datt mer net am Detail wëssen, wéi eng aktuell an zukünfteg Kooperatiounen dann iwwerhaapt ënnert dee Prabbeli fale wäerten. Et ass also eng Zort Kinderüberraschung, iwwert déi mer hei ofstëmmen, wou mer zwar d'Verpackung ronderëm kennen, mä net genau dat, wat dran ass.

Ech brauch wuel net ze betounen, datt mir dës Virgeeënsweis bedenklech fannen, virun allem wou et jo net ëm eng Zesummenaarbecht bei der Editioun vun Timbere geet. Hei geet et ëm ganz kriddelech Sujeten, wéi den Déploiement vun Zaldoten, d'Uschafung vu Krichsmaterial oder de Renseignement. Dat si Sujeten, déi d'Chamber ganz kloer eppes uginn a bei deenen ee muss an aller Transparenz Décisiounen huele kënnen.

Deen Avis juridique, deen och schonn ugeschwat ginn ass, seet kloer, datt Arrangementer, déi rechtlech verbindlech sinn, musse vun der Chamber approuvéiert a publizéiert ginn. Mir mengen duerfir, datt eng ganz Rëtsch Arrangementer, déi elo dodrënner falen an déi eigentlech elo och scho mat der Belsch geholl sinn, eis hätten hei misse virleien, fir ze wëssen, wat dat dann och elo fir d'Zukunft bedeit hätt.

Mir mengen, datt all déi Arrangementer veröffentlecht misste ginn, déi rechtlech verbindlech sinn, an eréischt dann hätte mer kënnen déi Diskussioun an déi Décisioun hei iwwert de Kaderaccord en connaissance de cause huelen.

Dernieft froe mer eis awer och, wéi d'Regierung gedenkt, mat deem Avis juridique weider ëmzegoen, well dee betrëfft jo net nëmmen d'Arrangementer am Kader vun deem Memorandum of understanding mat den USA oder an dësem Fall mat der Belsch, mä e stellt prinzipiell Froen oder suggeréiert prinzipiell Regelen, déi ganz generell méi oder manner all Arrangementer betreffen, déi d'lëtzebuergesch Exekutiv an deene leschte Joren, voire Jorzéngten ofgeschloss huet.

Mir froen dann och d'Regierung, datt se der Chamber e kompletten Inventar virleet vun deenen Accorden an Arrangementer, déi net, bis elo net publizéiert gi sinn, inklusiv engem Plang, wéi déi Situatioun wäert kloergemaach respektiv berengegt ginn. Wann a verschiddenen Accorden oder Arrangementer sensibel Saachen dra sinn, déi net kënne veröffentlecht ginn, dann, esou seet et den Avis juridique, mussen déi an engem Acte d'exécution iwwerholl ginn, dee ka geheim bleiwen.

Mir ënnerstëtzen och vun deem alles dat, wat bis elo gesot ginn ass, datt d'Chamber awer op jidde Fall muss Abléck an déi Actes d'exécution hunn, fir kënnen all Abus auszeschléissen an och fir kënnen hir Kontrollfunktioun iwwert d'Exekutiv anzehuelen.

Dëst gesot, Här President, hätte mir eis méi Informatiounen, virun allem iwwert déi Onkloerheeten, déi awer elo hei opkommen, gewënscht. A mir wäerten deen heite Projet net stëmmen.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An den Här Verteidegungsminister wäert eis elo eng Rei vun Informatioune ginn. Här Etienne Schneider!

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Défense*.- Jo, Merci, Här President. Vläicht wann Der erlaabt vun hei aus e puer Remarquen. Éischtens emol sinn ech frou, dass mer dee Kaderaccord hei kéinten haut da stëmmen. Et geet effektiv drëm, fir eis Zesummenaarbecht mat der Belsch, wat den Défenseberäich ugeet, méi fléissend, méi einfach kënnen ze organiséieren. Dir wësst, dass mer zënter ganz laange Jore mat der Belsch eisen engste Partner hunn am Beräich vun der Défense an dass et e Partner ass, op dee mer eis nach ëmmer konnte verloossen. Ech mengen, och den Här Halsdorf als fréiere Minister kann dat bestätegen, dass mer mat der Belsch en extrem confidentiellt an extrem déif gräifend Zesummenaarbechten hunn.

Ech wëll och hei als Beispill soen - den Här Kartheiser huet et ugefouert -, dass d'Belsch wahrscheinlech keng Défensestrategie hunn. Här Kartheiser, si hunn eng! De Minister huet mer elo nach zu Warschau um NATO-Sommet proposéiert, dass e mer dat elo am Detail wëllt erklären, wat hir Défensestrategie ass. Ech mengen, och dat weist, et ass e Geste.

Une voix.- Dir kënnt jo den Här Kartheiser mathuelen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Défense*.- Gelift?

Une voix.- Huelt den Här Kartheiser mat!

(Hilarité)

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Défense*.- Dat weist d'Vertrauensverhältnis awer tëschent der Belsch a Lëtzebuerg, well si si jo net obligéiert, eis hir Défensestrategie ze erklären. Dat maache se awer.

Et koumen eng Rei Froe vum Här Halsdorf, ënner anerem wat d'Sprooch ugeet. D'Sprooch ass kloer Franséisch an deem heite Fall.

Och wat äänlech Accorden ugeet mat anere Länner, wéi zum Beispill Däitschland, hutt Dir genannt, ass et natierlech esou, dass mer probéieren, méi enk och mat deene Länner zesummenzeschaffen, wéi GTF, ginn ech Iech als Stéchwuert.

Mä och Holland, wëll ech Iech drun erënneren, dass Der d'lescht Woch hei de Projet de loi gestëmmt hutt, deen de Projet MRTT erlaabt. Et ass e Projet, wou Holland d'Lead nation ass, wat also weist, dass mer och mat aneren Natiounen zesummeschaffen.

Mä ech mengen, deen Accord hei tëschent Lëtzebuerg an der Belsch ze maachen, war elo emol deen urgentsten, well et wierklech eisen natierleche Partner ass. Et gëtt och keen hei zur Kooperatioun duerch deen Accord gezwongen. Ech mengen, et steet ëmmer nach all Land op, esou wäit dann ze goen an deenen Accorden, deene jeeweilegen Accorden, wéi et dat fir richteg fënnt.

Dir hutt och, Här Halsdorf, Lagland ugeschwat, wou mer elo zënter 1970 kënnen trainéiere goen an dat gratis. Do ass et esou, juste pour information, et huet net direkt elo eppes mam Sujet ze dinn, mä et ass esou, dass d'belsch Armëi aus deene finanzielle Grënn, déi och schonn invoquéiert gi sinn, drun denkt, fir dat an der Sous-traitance géréieren ze loossen. Ech wëll Iech awer soen, dass mir an déi Diskussioune mat agebonne ginn an dass dat natierlech, wann et zu enger Sous-traitance kënnt, och net wäert gratis dee Moment un eis verbäigoen oder laanschtgoen.

Bon, den Här Adam huet och vun der belscher Armëi au bord de la faillite financière geschwat. Ech mengen, et ass kee Geheimnis, dass d'Belsch an deene leschten dräi Joer permanent mat hirem Effort de défense par rapport zum PIB erofgaange sinn, dass si deen zweetklengste Contributeur no eis sinn, oder virun eis, deemno vu wéi enger Optik dass een et kuckt, mat 0,87% vun hirem PIB, wann ech elo dee Chiffer nach gutt an Erënnerung hunn. Mä och do huet de belsche Minister mer gesot, dass e seng Moyenen elo stabiliséiert kritt huet respektiv erëm mat liichte Croissancen a sengem Budget ka rechnen.

Dir wësst, dass mir an enger anerer Situatioun sinn, dass mir sënnvoll Projete sichen an doduerch natierlech och bereet sinn, gemeinsam Projeten, och Investitiounsprojete mat der Belsch ze maachen, wou mer si dann och eventuell emol eng Kéier als Merci fir déi gutt Kooperatioun kënnen op deem engen oder anere Punkt finanziell entlaaschte respektiv hinnen ënnert d'Äerm gräifen.

Dann zu deem legale Kader. Den Här Kartheiser ass och drop agaangen. Ech mengen, mir hunn en Avis jo vum Statsrot zu deem Projet hei, dee jo d'Konstitutionalitéit vum Projet och gepréift huet. Pour le reste sinn ech komplett mat Iech d'accord, Här Kartheiser, dass natierlech d'Chamber muss de komplette Contrôle politique vun allen Accorden hunn. An ech sinn och do mam Här Baum averstanen. Ech mengen, dass dat fir mech evident schéngt.

Mir wäerten eis och dorunner halen, dass alles, och wann et net ka publizéiert ginn, aus confidentielle Grënn, mä dass et awer dann an deem Kader kann an der Chamber diskutéiert ginn. An och déi Fuerderung, fir déi Accorden, déi bestinn, déi Fuerderung vum Här Baum, fir déi ze publizéieren, do sinn ech och gär bereet, dat ze maachen, esou wäit wéi se nach Bestand hunn. Et gi jo Accorden, déi iergendwann ausgelaf sinn, da mécht et kee Sënn méi. Mä pour le reste hunn ech och domadder kee Problem.

Voilà, dat gesot, soen ech Iech alleguerte Merci fir Ar Commentairen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- A mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6829.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6829 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6829 ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Félix Eischen (par Mme Martine Mergen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet de loi iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6949, en Accord mat der Belsch an Holland betreffend de Schutz virun terroristeschen Attacken aus der Loft, insbesondere mat ziville Fligeren. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Marc Angel.

6. 6949 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg concernant l'intégration de la sécurité aérienne en vue de répondre aux menaces posées par des aéronefs non militaires (Renegade), signé à La Haye le 4 mars 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur*.- Jo, Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi geet et effektiv drëms, en Accord tëschent Lëtzebuerg an onse Benelux-Partner Holland a Belsch ze ratifizéieren.

Den Accord betrëfft, wéi Der et gesot hutt, d'Sécherheet vun onsem Loftraum am ganz spezifesche Fall vun engem Renegade. Wat ass e Renegade? E Renegade ass no der militäresche Definitioun vun der NATO en ziville Fliger, dee vun Terroriste gekidnappt gëtt mat dem Zil, fir eng Attack mat dësem Fliger ze fléien.

Bis haut si mer an esou engem Fall hei zu Lëtzebuerg e wäisse Fleck op der Landkaart. Mir hu keng Prozedur, wat an esou engem Fall soll a muss geschéien, fir d'Sécherheet garantéieren ze kënnen. Mat dësem Traité, dee mer also haut hei ratifizéieren, gëtt dës Sécherheetslück zougemaach.

Et ass haut effektiv esou, dass, falls de Lëtzebuerger Loftraum vun engem militäresche Fliger attackéiert gëtt, da si mer am Kader vun der NATO, an an esou engem Fall gëtt onse Loftraum vun der Belsch mat geschützt. Mä am Fall vun engem Renegade, also engem ziville Fliger, ass d'NATO net zoustänneg. An esou engem Fall läit all Décisiounsgewalt bei onsen nationalen Autoritéiten.

Vu dass Lëtzebuerg iwwer keng eege Militäraviatioun verfüügt, mat där mer ons kéinte wieren, musse mer noutwendegerweis mat onse Partner zesummeschaffen. Dowéinst hu mer also dësen Accord am Benelux-Kader fonnt an doriwwer eraus si mer och a Verhandlunge mat Däitschland a Frankräich, fir och mat hinnen en Accord ofzeschléissen.

Den Accord vun haut konstituéiert fir de Fall vun engem Renegade en eenheetleche Loftraum vun de Benelux-Staten, an deem ofwiesselnd entweder vun dem belschen oder vum hollännesche Militär agegraff ka ginn, wann déi zoustänneg national Autoritéit dat ufreet.

Zu Lëtzebuerg ass de Minister vun der Défense responsabel. Hie ka vum Ausseminister ersat ginn an un drëtter Stell vum Justizminister. Den Accord leet och ganz genau fest, wéi eng Schrëtt kënnen a mussen am Fall vun engem Renegade ënnerholl ginn.

D'Prozedur gesäit dofir fir: éischtens, d'Feststellung an d'Kontaktopnam mam Renegade an d'Eropschécke vun enger Eskort fir dee Fliger.

Zweetens, dem Fliger e Verbuet fir d'Weiderfléien auszeschwätzen an hien zur Landung opzefuerderen. Wann dëst fräiwëlleg net geschitt, da kann och en aktiivt Ofdränge vun der Fluchlinn vum Renegade gemaach ginn. An dëser Phas probéieren d'Militärfligeren, de Renegade zu enger Landung ze forcéieren oder hie vu senger momentaner Fluchlinn, wéi gesot, ofzebrengen.

Drëttens, wann dat net geléngt, ass déi drëtt Etapp d'Offeiere vu Warnschëss.

A véiertens, sollt dëst net geléngen, da gesäit déi lescht Etapp vun der Prozedur och vir, dass de Renegade kann ofgeschoss ginn, also d'Force létale.

Hei ass et awer ganz wichteg ze betounen, dass déi véiert Etapp fir Lëtzebuerg net gëllt. Virun allem déi ganz sensibel Fro vum Asaz vun

der Force létale, also dem Ofschéisse vun engem ziville Fliger, an deem onbedeelegt, onschëlleg Persounen u Bord sinn, gouf net nëmmen an der Regierung laang diskutéiert, mä huet och bei ons an der Kommissioun zu enger wichteger Diskussioun an zu ville Froe gefouert.

Dat eent Argument ass, dass an deene Staten, wou den Asaz vun der Force létale prinzipiell erlaabt ass, se awer vun deenen eegenen Unitéiten agesat gëtt. Am Accord tëschent Frankräich an der Belsch zu engem Renegade ass dat zum Beispill esou. Béid Länner erlabe prinzipiell den Asaz vun der Force létale. Mä am franséische Loftraum kann nëmmen e franséische Militärfliger e Renegade ofschéissen. De belsche Fliger däerf dat do net.

Dat eigentlech wichtegt Argument ass awer, dass den Asaz vun der Force létale géint onbedeelegt Zivilisten hei zu Lëtzebuerg och prinzipiell net erlaabt ass. Dëst ergëtt sech aus dem Artikel 11.(1) vun onser Constitutioun. Ech zitéieren: «L'État garantit les droits naturels de la personne humaine et de la famille.» Fin de citation.

Mir sinn do also an därselwechter Logik wéi och eis däitsch Noperen. Do huet d'Bundesverfassungsgericht am Februar 2006 geuerteelt, dass den Asaz vun der Force létale géint Persounen, déi un der Dot net bedeelegt sinn, géint d'Grondrecht op Liewen a géint d'Mënschewürd verstéisst.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen elo zu dem administrativen Deel. Den Accord gouf de 4. Mee 2005 zu Den Haag vun de Benelux-Staten ënnerschriwwen. De Projet de loi, fir dësen Accord ze ratifizéieren, gouf am Februar 2016 déposéiert. De 7. März hate mer eng flott, interessant Sitzung an der Kommissioun, wou de Projet virgestallt ginn ass.

De Statsrot huet säin Avis den 19. Abrëll gemaach. An dësen Avis vum Statsrot huet ons virun déiselwecht prinzipiell Fro gestallt wéi beim Projet virdrun zum Accord-cadre fir d'Kooperatioun tëschent Lëtzebuerg an der Belsch, wat d'Défense ugeet, an d'Rapportrice, d'Madamm Dall'Agnol, huet jo schonn déi Problematik zesummegefaasst.

Déi Fro, déi sech och hei gestallt huet, war déi, wéi mer mat den techneschen Arrangementer mussen ëmgoen, déi als geheim agestuuft ginn an dofir aus Sécherheetsgrënn net kënne publizéiert ginn, wéi et och fir dëse Projet de loi vum Statsrot gefuerdert gouf.

Mir hunn dofir och bei dësem Projet de loi décidéiert, op den Avis juridique vun der Regierung ze waarden. An nodeems deen do war, hu mer de 4. Juli nach eng Kéier an der Kommissioun iwwert de Projet geschwat.

Am Kader vun dësem Accord gëtt et zwee Dokumenter, déi fir d'Prozedur Renegade ausgeschafft ginn. Do gëtt et effektiv en Arrangement technique, dee mer och am Detail virgestallt kritt hunn, ausgedeelt kritt hunn an iwwert dee mer vill Erklärunge kritt hunn. Et gëtt also deen Arrangement technique, deen tëschent den dräi Partnerstaten ausgeschafft gëtt an an deem genau d'Modalitéite vun der Zesummenaarbecht festgeschriwwe sinn, zum Beispill den Zäitplang vun der Rotatioun tëschent de belschen an den hollännesche Militärkräften oder d'Flughäfen, vun deenen d'Fligere fortfléien. Dësen Arrangement technique muss, wann en definitiv fäerdeg ass, nach vun deenen dräi Regierungen approuvéiert ginn, ier en a Kraaft kann trieden.

Da gouf och nach eng Procédure nationale ausgeschafft, déi mer och en détail virgestallt kritt hunn a wou mer och vill Froen haten an och gutt Äntwerte kritt hunn. An dëser Procédure nationale gëtt genau definéiert, wéi eng Autoritéiten hei zu Lëtzebuerg zu wéi engem Zäitpunkt d'Décisiounen huelen an och d'Informatioune weiderginn.

Béid Dokumenter kënnen aus Sécherheetsgrënn net, wéi et vum Statsrot gefuerdert ginn ass, am Mémorial veröffentlecht ginn, well dës Dokumenter Donnéeën enthalen, déi klassifizéiert musse ginn. Den zentrale Punkt ass awer, dass dës Dokumenter keng juristesch Obligatiounen enthalen, déi iwwert den Traité erausginn, mä sech nëmmen op praktesch Ëmsetzunge konzentréieren.

De Ministère huet sech engagéiert, déi final Versioun vun dësen Dokumenter och an d'Kommissioun nach eng Kéier virstellen ze kommen. An doriwwer eraus behale mir, an do hu mer all drop gepocht, als Chamber d'Recht, dass mer eis politesch Kontroll weiderhin an deene Saache wäerten ausüben an dass mer iwwer Arrangements techniques, déi net kënne publizéiert ginn, permanent informéiert ginn a se awer och iwwerpréiwe kënnen, fir ze kucken, ob effektiv keng juristesch Obligatiounen dra sinn.

An dëser Reunioun vum 4. Juli hu mer awer och nach eng ganz Rei aner wichteg Froen diskutéiert, déi Der am Procès-verbal fannt, mä déi ech hei nach eng Kéier kuerz zesummefaasse wéilt.

D'Fro vun de Käschten ass esou geregelt, dass all Land fir seng Responsabilitéiten d'Käschten iwwerhëlt. Au vu vun der Gréisst vun onsem Loftraum musse weder d'Belsch nach d'Holländer zousätzlech Moyenen opbréngen, fir onse Loftraum mat ze iwwerwaachen a si froen ons och dofir keng Kompensatioun. Déi eenzeg Käschten, déi also eventuell op Lëtzebuerg wäerten duerkommen, sinn déi vun den Übungen, déi zweemol am Joer wäerte stattfannen.

Mir haten och nach déi national Kommunikatiounsprozedur diskutéiert. An do gesäit et esou aus, dass déi belsch Autoritéit, déi fir d'Iwwerwaachung zoustänneg ass, de Control and Reporting Centre zu Glons, normalerweis den Haut-commissaire à la protection nationale hei zu Lëtzebuerg informéiert. Dëse wennt sech dann un de Ministre en charge. Wéi scho gesot, ass dat un éischter Stell de Ministre de la Défense. Wann et ganz séier muss goen, da kann déi belsch Autoritéit och direkt de Minister kontaktéieren.

Un dëser Stell hu mer och d'Roll vun der ANA, vun der Administration nationale de l'aviation diskutéiert. Dës Administratioun, déi am permanente Kontakt mat hire belschen an hollännesche Contrepartië steet, gëtt am Kader vun engem Renegade och vun der belscher Autoritéit informéiert. Si hunn awer keen aktive Rôle.

De 6. Juli gouf mäi schréftleche Rapport an der Kommissioun ugeholl.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng Prozedur „Renegade" anzeféieren ass e ganz sensibelen an och e komplexen Dossier. Et ass en Dossier, un deem säit zwielef Joer an de successive Regierungen intensiv geschafft ginn ass!

Mir haten zwou Kommissiounssitzungen dozou mat de Mataarbechter vum Ministère, mat Vertrieder vun der Arméi, mam Minister, wou d'Kolleegen aus der Kommissioun wierklech eng interessant Diskussioun zesumme geféiert hunn. Dofir hinnen all e grousse Merci.

Et ass e wichtegt Thema an dofir wëll ech hei och elo den Accord vu menger Fraktioun ginn zu dësem Projet de loi an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. An d'Wuert huet elo den Här Jean-Marie Halsdorf.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wëll och bei dësem Projet de loi, esou wéi virdrun, direkt introduktiv dem Här Rapporteur, dem President vun der Commission des Affaires étrangères, Merci soe fir säi gudde mëndlechen an och exhaustive schréftleche Rapport.

Mat dësem Projet 6949 kréie mer jo da wierklech deen noutwendegen trilateralen Accord, dass mer kënne reagéieren, wann e sougenannten „Renegade-Fliger", also en ziville Fliger, eise Loftraum bedréit, eng Bedroung ass fir eise Loftraum.

Et muss ee wëssen, dass dat keng Iddi ass vu gëschter, mä vu virgëschter, well effektiv läit dëst Gesetz an der logescher Suite vun der Erklärung, déi d'Défenseministere schonn am Joer 2012, dat war den 18. Abrëll, gemaach hunn, fir am Air Policing, also an der Ofwierwaachung an och am Renegade-Fall, sech zesummen ze organiséieren. Et ass also e gudde Projet, wat hei geschitt. An et ass logesch, dass mer dat maachen, an et ass wichteg, esou en Instrument ze hunn.

Mä ee Punkt, dee mech beschäftegt, dat ass deen, deen och elo grad de Rapporteur développéiert huet, firwat dass mir d'Force létale, also d'Ofschéissen, net hei zu Lëtzebuerg asetzen. D'Regierung huet jo do an zwou Sitzungen, eng Kéier den 12. Dezember 2014 an de 27. Februar 2015, décidéiert, zu Lëtzebuerg dës Force létale net anzesetzen. Et liicht mer an engem gewëssene Sënn an, well de Cas de figure, dass hei zu Lëtzebuerg esou eppes geschitt, ass relativ kleng. Mir sinn en immens klengt Land. Vun Osten no Weste brauch e Fliger zwou Minutten, dann ass e fort, a vun Norden an de Süde brauch e fënnef Minutten, dann ass en och fort.

A mir hunn dräi Ministeren, déi kënnen décidéieren. Deemno wéi dat do geet, effektiv an engem Eeschtfall, deen hoffentlech ni kënnt, kann et sinn, ier mir eng Décisioun geholl hunn, dass de Fliger net méi an eisem Loftraum ass.

Wann ech awer kucken, wat do kéint geschéien, wann do en Terrorist mat engem Fliger kënnt, voller Explosiffen, an e flitt mengetwegen op Cattenom, do gesinn ech effektiv an deem Sënn kee Problem, well d'Fransouse wahrscheinlech wäerten en dann offänken, dass en net kann an d'Killtierm fléien.

Mä wann awer elo e Fliger zum Beispill wéilt hei um Kierchbierg an eis Tierm do fléien an deen ass eng Kéier op Lëtzebuerger Territoire, da geschitt näischt méi. An do maachen ech mer awer Gedanken. Et ka vläicht sinn, dass dat contraire ass zu de Mënscherechter, mä et ass eng Situatioun, déi hoffentlech net kënnt. Mä op dat déi bescht, déi effizientst Léisung ass, déi mer hei huelen, weess ech net. Et ass gutt, dass mer eng hunn, an ech hoffen, dass et ni kënnt. Mä et stinn awer Froen op, déi sech an deem Kontext stellen.

Justement, well och dräi Ministeren hei kënnen décidéieren: Wéi ass et hei mat der Responsabilité politique a wéi ass et mat der Responsabilité juridique? Déi Fro ass net evident beim Donneur d'ordre, wien de Befeel gëtt.

An eng aner Fro, déi mer och schonn an der Kommissioun beschwat hunn, Här Minister, ass déi: De Loftraum soll jo an den nächste Joren eventuell vun Däitschland aus iwwerwaacht ginn. Wéi eng Implikatiounen huet dat, wéi eng juristesch Implikatiounen huet dat, wann eng Kéier esou eppes hei wär? Et ass eng Fro, déi wierklech sech stellt.

Eng aner Fro, déi sech stellt, et ass gesot gi vum Rapporteur: Mir sinn Zaungast, mir hu selwer keng Fligeren. Mir hunn awer Piloten, déi zwar elo nëmmen den A400M fléien. Ass net dru geduecht, vläicht an Zukunft deenen och eventuell eng Formatioun ze ginn, dass se och kéinten dës Maschinne fléien am Bedarfsfall respektiv mat de Belsch zesummen?

Et ass eng Fro, déi am Raum steet. An et wier gutt, wann de Minister eis kéint dorobber äntwerten.

An e leschte Punkt an deem heite Kontext, deen ech wollt opwerfen, ass deen, am Dispositif vum Accord steet: „Emphasising the strategic importance of the airspace for the safety and security of the territory of each Party and their surrounding region;..." Dat heescht also, et geet jo hei ëm déi strategesch Wichtegkeet vum Loftraum fir d'Sécherheet. A wann ech d'Sécherheet am volle Sënn vum Wuert huelen, da verwonnert mech trotzdeem, dass déi aner Leit, déi dann eben d'Force létale asetzen, dass déi eis Positioun als solch einfach esou akzeptéieren.

Mir négociéiere jo och mat deenen Däitschen. Mir négociéiere mat de Fransousen. Ech hu mer iwwerluecht, ob et net vläicht méi interessant wär, wa mer géife mat den Däitschen a mat de Fransousen zesumme kucken, wéi mer eis Grenzen ofsécheren an deem heite Fall. Dat wier méi sënnvoll, fir dat zu fënnef ze maachen, anstatt zu dräi; dat si mir am Benelux an déi zwee aner eenzel. Da weess och deen een, wat deen anere mécht, oder déi lénks Hand, wat déi aner mécht.

Dat schéngt mer also net eng gutt Iwwerleeung ze sinn an deem Sënn, dass och nach an deemselwechten Dispositif eng Referenz gemaach gëtt op een EU-Reglement iwwert d'Kreatioun vun engem „Single European Sky and Regulation". Dat heescht also, d'Iddi ass, fir an der EU just een Himmel ze maachen, loosse mer soen, ee Loftraum ze maachen, mëttelfristeg. Also et wier wierklech net schlecht, wa mer eis hei géifen zesummen un en Dësch setzen a kucken, zu fënnef esou e Kontrakt ze maachen. Dat wär vläicht méi kohärent.

Dann nach dräi kleng Punkten, déi ech wollt uschwätzen. Deen ee Punkt huet de Rapporteur an deem Sënn gesot, am Artikel 8 gëtt geschwat iwwer: «Chaque partie assume les coûts liés à l'exécution de cet accord de coopération.» Dat heescht also kloer, dass déi Iwwerwaachung da wäert gratis sinn.

Am Artikel 9, do gëtt geschwat, beim Ausgläiche vu Schied, déi gi gemaach laut Dispositioune vum Artikel 8 vum SOFA, vum Statut des forces vun der NATO. Et ass awer e militärescht Ofkommes. An hei si mer awer an enger ziviller Logik. Duerfir géif ech nawell gär wëssen, wéi dat soll fonctionnéieren, dass mer militäresch Reglementer, Dispositiounen huelen, fir an engem ziville Fall, Renegade ass jo awer en zivillen Optrag, wéi dat do getässelt gëtt, dass dat klappt.

Dann hunn ech gelies, an der Fiche financière steet effektiv: «…ne comporte pas de dispositions dont l'application est susceptible de grever le budget de l'État dans l'immédiat.» Dat ass richteg. Duerfir hoffe mer, dass dat ni kënnt.

An dann déi ganz Problematik, déi de Rapporteur elo ugeschwat huet mat den Arrangements administratifs, mam Artikel 38 an esou weider, wou mer en Avis juridique gefrot hunn. Dorop brauch ech dann net méi zréckzekommen. Ech mengen, an deem Sënn ass dat gekläert. Mir hunn eis och do ralliéiert, well mer mengen, dass déi Situatioun, déi mer elo hunn, eng Verbesserung ass, an dass ee mat esou engem Cas de figure ka liewen an dass dat anert wierklech schwiereg ass, wann effektiv Elementer am Spill sinn, déi am Fong geholl confidentiel sollte behandelt ginn.

An duerfir brénge mir och den Accord zu dësem Projet, an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An d'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt jo nawell gäre behaapt, d'Welt wier méi onsécher ginn. Ech mengen, dat muss een awer relativéieren, well trotz deene ville Geforen, déi effektiv all Dag op eis duerkommen, muss een awer hei ënnersträichen, datt Lëtzebuerg mat Sécherheet de Moment a vill méi enger friddlecher Situatioun lieft, wéi dat emol fréier de Fall war. Dat ass ouni Zweifel och d'Resultat vun enger internationaler Kooperatioun.

Dat ass och d'Resultat, well mer agebett sinn a wichtegen internationale Strukturen, wéi ënner anerem der Europäescher Unioun a virun allem och der NATO. Dat ass eng Politik, déi zënter dem Enn vum Zweete Weltkrich vu sämtleche Regierunge verfollegt ginn ass. Dat ass och richteg. An dat huet mat Sécherheet och zu dem Wuelstand an och zu dem Fridden hei am Land gefouert.

Natierlech däerf een awer elo net esou naiv sinn a mengen, déi terroristesch Geforen, déi jo awer trotzdeem omnipräsent sinn, kéint een ignoréieren. Ech wëll elo kuerz hei u Paräis erënneren; ech wëll nëmme kuerz u Bréissel erënneren. Et spiert een also, datt déi terroristesch Attacke leider och méi no bei eist Land réckelen. Lëtzebuerg ass awer och eng international Dréischeif vun der Politik. Ouni elo wëllen hei schwaarz Zeenarien ze entwerfen, däerf een awer net ignoréieren, datt och eng terroristesch Attack hei zu Lëtzebuerg méiglech wär.

Et ass eng nei Gefor, déi sech natierlech och an eiser Gesellschaft ëmmer méi bemierkbar mécht, leider och bedéngt duerch de reliéise Fanatismus. An trotz all deene schwaarze Gedanken, déi een natierlech do vläicht iwwerfalen, soll een an däerf een op kee Fall an esou Situatioune panikéieren. A virun allem e klengt Land, a mir sinn nun eben e klenge Stat, muss Synergië sichen, fir ebe sech beschtméiglech géint esou eventuell Problemer ofzesécheren.

An do denkt een natierlech un éischter Linn och un eise Loftraum. A wa mer iwwert de Loftraum schwätzen an iwwer terroristesch Attacken, si mer natierlech och ganz séier bei de Fligeren, dat ass ganz kloer. Et brauch een och nëmmen un déi Attacke vum 11. September 2001 hei ze erënneren.

Dat Gesetz vun haut, dat setzt ouni Zweifel e weidere wichtege Maillon, an et beweist awer och déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer zënter Jorzéngten, ech mengen, zënter 1948, mat eise Beneluxpartner fleegen.

Sécher, eise Loftraum, dat ass e ganz bescheidenen, ganz klenge Loftraum, deen a Minutte vu Fligere kann iwwerflu ginn. A mat deem Gesetz hei gi mer natierlech och en Deel Souveränitéit of. Mir iwwerdroen hei Souveränitéitsrechter op aner Länner. Mä op där anerer Säit däerf een awer net vergiessen, mir hu jo keng logistesch Moyenen, fir eise Loftraum an deem Sënn ofzesécheren. Ech mengen och, datt mer eise Partner dat schëlleg sinn. An ech erënneren hei zum Beispill un den EU-Sommet vun 1999 zu Tampere, wou deemools kloer festgehale gi war, datt den Terrorismus u sech eng vun deene schlëmmste Violatioune vun der individueller Fräiheet ass. A spéitstens dann ass awer e Rechtsstat gefuerdert, och fir ze agéieren.

D'NATO, dat ass schonn hei gesot ginn, ass zoustänneg, fir eise Loftraum ofzesécheren, wat de Militärfliger ubelaangt. Haut, wéi gesot, befaasse mer eis mat dem Volet vun den Zivillfligeren. An do sollen eis belsch an hollännesch Partner eng wichteg Roll an Zukunft iwwerhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht e puer Remarquen, wat natierlech d'Menacë vun eisem Loftraum ubelaangt. Et si jo u sech véier Etappen, déi dann a Kraaft trieden. Et muss natierlech extrem séier gehandelt ginn. Ech mengen, d'Haaptresponsabilitéit läit beim Verdeedegungsminister. Mir applizéieren dann e sougenannten „Kaskadesystem", wou dann d'Responsabilitéit vum Ver-

deedegungsminister iwwert den Ausseminister bis hin zum Justizminister geet.

An da si mer natierlech ganz séier och an der Diskussioun, an dat ass jo hei och schonn ugeklongen, dat ass natierlech den delikate Sujet vun der Force létale, also enger déidlecher Attack op en ziville Fliger.

Sécher, dës Regierung huet sech ganz kloer positionéiert. Si huet sech géint d'Force létale ausgeschwat. Dat ass och u sech vum moraleschethesche Standpunkt hier mat Sécherheet novollzéibar. Wie wëllt schonn u sech d'Verantwortung iwwerhuelen, fir de Kommando ze ginn, datt e Fliger mat onbedeelegten, mat onschëllege Passagéier soll ofgeschoss ginn, well en eben eng gewësse Menace fir en terroristeschen Akt géif duerstellen? Dat ass ouni Zweifel eng schwéier Décisioun. Ech verweisen effektiv och nach eng Kéier hei op den Artikel 11.(1) vun eiser Constitutioun.

Natierlech kënnen awer, an och do soll een net naiv sinn, emol Situatiounen antrieden, wou d'Fro berechtegt ass, ob net awer mir an där Situatioun missten aneschters reagéieren. Mir hunn och eng Rei sougenannten „Zilscheiwen" hei zu Lëtzebuerg. Virdru sinn der schonn e puer genannt ginn. Och hei, ouni elo, wéi gesot, Panik wëllen ze maachen, mä och d'Staumauer, dat däerf een net ignoréieren, kéint awer zumindest emol eng Kéier Ulass gi fir eng terroristesch Attack.

En anere wesentlechen Aspekt, an dat hu mer scho bei deem Gesetzesprojet vu virdrun undiskutéiert, dat ass natierlech och den Échange vu confidentiellen Informatiounen, déi sougenannten „Arrangements techniques", wou de Statsrot jo u sech éischter der Meenung ass, dat misst publizéiert ginn. Och do wëll ech dann nach eng Kéier op den Avis juridique vum Ministère vun der Aussepolitik zréckkommen a wou mir eis och deem ralliéieren.

Mir sinn och der Meenung, datt een hei muss extrem virsiichteg sinn, datt et net ka sinn, datt op der Place publique op eemol confidentiel Informatiounen divulguéiert ginn, déi u sech d'Strategië verroden. An op där anerer Säit ass et natierlech awer och, datt d'Chamber e Recht huet op Informatiounen, datt d'Chamber muss, wéi gesot, och vun deenen zoustännege Ministere regelméisseg informéiert ginn. Awer d'Chamber, wéi gesot, ech widderhuelen nach eng Kéier dat, wat ech virdru scho gesot hunn, d'Chamber selwer muss sech jo awer och an d'Flicht huelen a wëssen, wéi se esou confidentiel Informatiounen traitéiert.

Op där anerer Säit, wéi gesot, muss een awer och nach hei ënnersträichen, datt awer och déi Zesummenaarbecht tëschent eenzelnen Akteure ganz wichteg ass. Ech denken un d'Défense, ech denken un d'Aviation civile, ech denken un d'ANA an och un d'Armëi.

An ech wëll och eng Fro opgräifen, déi den Här Halsdorf hei schonn ënnerbreet huet. Op engem aneren Niveau diskutéiere mer de Moment, wéi de Loftraum, den ziville Loftraum vläicht ka vun enger däitscher Firma - fir se net mam Numm ze nennen, DFS, Deutsche Flugsicherung - och an Zukunft iwwerwaacht ginn, kontrolléiert ginn.

D'Fro effektiv: Wéi wäit muss esou eng Firma mat implizéiert ginn? Wéi wäit muss esou eng Firma Informatioune kréien? Et wier vläicht gutt, wann de Minister eis do nach géif déi eng oder déi aner Informatioun uginn.

Jiddefalls, wat de Renegade ubelaangt, si mir der Meenung als Demokratesch Partei, datt dat hei awer e wichtegt Gesetz ass. Et geet hei net nëmmen ëm d'Ofsécherung vun eisem Loftraum, mä et ass engersäits eng Plus-value fir d'Benelux, et ass awer anerersäits och eng Plus-value fir d'Sécherheet insgesamt.

An an deem Sënn, wéi gesot, bréngen ech och den Accord vun der Demokratescher Partei. Ech soen awer ofschléissend och nach dem Rapporteur, dem Här Angel, Merci fir säi mëndlechen an och säi schréftleche Rapport.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet elo den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, bei dësem Accord geet et ëm de Schutz vun eisem Loftraum am Fall vun enger Bedroung duerch een net militäresche Fliger. Am Fall vun enger Bedroung duerch ee militäreschen Apparat wier et jo un der NATO, fir eise Loftraum ze schützen. Hei geet et, wéi gesot, ëm een net militäresche Fliger.

Wat kéint dat da sinn? Bon, dat si keng schéi Virstellungen, déi ee sech do muss maachen. Dat wier zum Beispill am Fall vun enger Entféierung vun enger ziviller Maschinn duerch Terroristen. Wann een da misst domat rechnen, datt dee Fliger eventuell op ee Ballungszenter géif gesteiert ginn, fir méiglechst vill Affer bei der Zivillbevëlkerung ze schafen, oder datt esou ee Fliger géif op d'Atomzentral vu Cattenom higesteiert ginn, da mussen déi politesch Responsabel handelen.

Well mir keng Loftwaff hunn an och keng wäerte kréien, a well mir e klengen Territoire hunn, hu mir dësen Accord mat der Belsch an Holland gemaach, déi an esou engem Noutfall bei eis däerfen intervenéieren. Äänlech Diskussioune lafen och mat Frankräich an Däitschland. A mir kënnen dovun ausgoen, datt do och äänlech Accorden zustanekommen, wat natierlech och Sënn mécht. Mengen Informatiounen no hätt d'Belsch schonn 2005 esou een Accord mat Frankräich an 2015 ee mat Däitschland ënnerschriwwen. Ech weess net, ob dat esou ass. Mä et wier jo sënnvoll, wann dat alles an enger Linn wier.

Wa mir eise Loftraum duerch eis Nopeschlänner verteidege loossen, dann delegéiere mer, dat ass och schonn hei gesot ginn, e Stéck vun eiser Souveränitéit un dës Länner. D'Décisioun, fir op dës Menace ze reagéieren, déi gëtt awer net delegéiert. Déi bleift bei eisen nationalen Autoritéiten, an do ass et mir nach net kloer - vläicht kann den Här Minister nach eng Kéier kuerz drop agoen -, wien déi Décisioun hëlt. Et ass jo eigentlech de Minister vun der Défense. Hëlt en déi Décisioun eleng, datt muss reagéiert ginn? Oder zesumme mam Premier? Oder eventuell mam Justizminister? A wat géif da geschéien, wann déi sech eventuell net eens wieren? A wéi eng Roll spillt dann do den Hautcommissaire à la protection nationale?

Et ass scho gesot ginn: Lëtzebuerg huet am Géigesaz zu den Nopeschlänner sech d'Recht erausbehalen, datt de Fliger net däerf erofgeschoss ginn. En däerf bedrängt ginn. Et däerfe Warnschëss ofgefeiert ginn, awer net de sougenannten déidleche Schoss. Dat léisst eng Rei Spekulatiounen natierlech op.

Den Här Graas huet gemengt, et wier och net einfach, esou moralesch-ethesch Décisiounen ze huelen. Ech mengen zwar, dat dierft net de Problem sinn. Deem musse mir eis genausou gutt stellen, wéi déi aner Länner och. Den Här Halsdorf hat éischter drop higewisen, datt et effektiv e Problem ass, well mer jo selwer keng Fligeren hunn. Dat wier dann dee Moment ee belschen oder een hollännesche Pilot, deen um Lëtzebuerger Territoire misst ee Fliger ofschéissen. Dat kéint och wierklech zu relativ grousse Problemer féieren. Op alle Fall, mir hunn den déidleche Schoss ausdrécklech ausgeschloss an dësem Accord.

De Statsrot hat a sengem Avis nach op de Problem vun techneschen Arrangementer higewisen, wéi se am Artikel 11 vum Traité évoquéiert ginn. An och, wann de Statsrot d'accord ass, datt d'Chamber net ka fir hiren Accord gefrot ginn, virun esou engem Asaz, da missten awer déi technesch Arrangementer am Mémorial publizéiert ginn. Dat ass awer och schonn hei ugeschwat ginn, dat ass net esou einfach, well et sech hei zum Deel ëm sensibel a geheim Donnéeën handelt. Déi kann een net einfach esou publizéieren.

D'Chamberskommissioun war d'accord, datt d'Chamber keen Accord muss ginn. Mä si behält sech awer all Recht op Informatioun vir. A wann et da muss sinn, och ënnert de Regelen, déi sensibel Dossiere verlaangen, mä dat Recht op Informatioun vun der Chamber muss ee komplett sinn, an dat ass och net verhandelbar.

Eis belsch Kolleegen hunn dësen Accord schonns am Februar 2016 ratifizéiert, an zwar unanime. A si haten och äänlech Froe gestallt, wéi mir der hei de Mëtteg gestallt hunn, zum Beispill och, wéi et da mat den Dommages et intérêts wier am Fall vun engem Asaz. Si haten allerdéngs net nom Lëtzebuerger Pilot gefrot. Ech mengen, dat bleift eis iwwerlooss.

Här President, mir hoffen alleguerte ganz staark, datt mer net mussen op dat Gesetz hei zréckgräifen, datt mer keen esou een Asaz mussen eng Kéier décidéieren. Mä am Fall, wou et da misst sinn, ass et awer gutt, datt et dat Gesetz hei gëtt. An duerfir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech fänken och u mat engem ganz häerzleche Merci un de Rapporteur, den Här Angel, deen eis hei dee schwierege Projet mat vill Gefill virgestallt huet.

Et ass e ganz wichtege Projet, well et jo eben drëm geet, datt Lëtzebuerg kee wäisse Fleck däerf sinn, eng Plaz, wou d'Terroriste sech kënne besser Chancë wéi op anere Plazen ausrechnen, fir hir Ziler ze erreechen. D'Fro ass also déi, ob d'Regierung an dësem Kader, also besonnesch bei der Entféierung vun engem ziville Fliger, hirer Verantwortung fir d'Sécherheet vum Land a vollem Ëmfang nokënnt oder net.

Anescht wéi an der Belsch oder an Holland, anescht och wéi a Frankräich huet d'Regierung décidéiert, datt keng letal Force däerf iwwert dem Lëtzebuerger Territoire géint en ziville Fliger ugewannt ginn. Dat heescht op Lëtzebuergesch, datt, wann e Fliger hei iwwer eisen Territoire a Richtung Kettenuewen flitt oder op d'Héichhaiser um Kierchbierg oder géint eng Staumauer, datt mer dann, wann et néideg wär, fir esou en Ugréff ofzewieren, dee Fliger net däerfen erofschéissen.

Et muss ee sech bewosst sinn, wat dat kann heeschen, wann et dann zu engem méi schlëmme Katastrophefall zu Kettenuewen zum Beispill géif kommen a wat dann d'Konsequenze fir d'Land wären. Ech mengen, et muss een hei wëssen, wouriwwer ee schwätzt.

Den Asaz vu Gewalt ass natierlech ëmmer eng moralesch schwiereg Fro. Et geet jo drëm, hei mat u Sécherheet grenzender Wahrscheinlechkeet onschëlleg Leit dout ze maachen, fir méi e grousse Schued ofzewennen, also den Doud vun nach vill méi aneren onschëllege Mënschen eventuell ze verhënneren. Dat wär zum Beispill de Fall, deemno wéi d'Konsequenze wären, bei enger Attack géint Kettenuewen. D'Situatioun kann natierlech och déi sinn, datt et keen ziville Fliger ass mat Passagéier, mä e klengen ziville Fliger, dee mat Explosifs oder esou vollgelueden ass a wou just nëmmen e Pilot drasëtzt. Awer och wär et deen Ableck net méiglech, en ofzeschéissen, well all Asaz vun engem letale Schoss och géint esou ee Fliger wär jo dann u sech verbueden.

D'Fro ass also, ob e potenziellen Terrorist sech vernünftegerweis kéint hei méi Chancen ausrechnen, säin Zil ze erreechen, wéi op anere Plazen, ob Lëtzebuerg e komparativ interessanten Terrain ass. An d'Attitüd vun der Regierung schéngt hei ganz kloer déi ze sinn, datt se net alles mécht, fir ofschreckend ze wierken, an datt eist Land heimadder manner virun terroristeschen Attacke geschützt ass wéi vergläichbar Plazen am Ausland.

Fir d'ADR ass den Asaz vu letaler Gewalt am Fall vu Renegade en Akt vun Noutwier am richtege Sënn vum Wuert - en Akt, fir méi Nout ofzewieren - an also justifiéiert.

D'Regierung bezitt sech bei hirer Argumentatioun op dat däitscht Virbild an op en Uerteel vum Bundesverfassungsgeriicht vum 15. Februar 2006. A se bezitt sech och par analogie op den Artikel 11.(1) vun eiser Constitutioun: «L'État garantit les droits naturels de la personne humaine et de la famille.» An et muss een elo kucken: Ass déi Argumentatioun stéchhalteg oder net?

Éischtens huet all Land seng eege Rechts- a Verfassungskultur. An eis franséisch a belsch Noperen, déi leien eis an hirer Rechtskultur däitlech méi no wéi Däitschland. Et muss een zum Beispill wëssen, datt den Artikel 35 vum däitsche Grondgesetz den Asaz vu Militär fir bannenzeg Zwecker verbitt an datt zwee vun deenen dräi Leitsätz vum Uerteel vum 15. Februar sech ausdrécklech op den Artikel 35 Grondgesetz bezéien, eng Rechtssituatioun, déi hei an där Tragweite iwwerhaapt net existent ass.

Dat Zweet, wat ee muss zu där Analogie mam däitschen Uerteel festhalen, ass, datt dat däitscht Grondgesetz am Artikel 2 e Recht op Liewe festschreift. An ech kann lech dat zitéieren, den Artikel 2 vum Grondgesetz seet: „Jeder hat das Recht auf Leben und körperliche Unversehrtheit." Och dat gëtt et an eiser Constitutioun net, leider net, muss ech soen. An et ass och net virgesinn, an där eventuell nächster Constitutioun e Recht op Liewen anzeschreiwen. Dat wär awer sécher eng gutt Saach. Et muss ee sech alt och wonneren, datt d'Regierung, déi awer soss méi flexibel ass, wann et ëm d'Recht op d'Liewe geet - ech denken un Ofdreiwung oder Euthanasie -, hei dat awer elo invoquéiert.

Et muss ganz kloer sinn, datt och nach en drëtten Ënnerscheed besteet, näämlech d'Dignitéit vum Mënsch. Och de Begréff vun der Dignitéit vum Mënsch ass an eiser Constitutioun am Ableck implizitt dran. An Däitschland ass et explizitt. Mä dat däitscht Bundesverfassungsgeriicht huet ausdrécklech gesot, am drëtte Leitsaz vu sengem Uerteel, datt d'Dignitéit vum Mënsch hei nëmmen a Verbindung mat der Garantie vum Artikel 2, näämlech mam Recht op Liewen, invoquéiert géif ginn.

Dat heescht, dee Vergläich, deen hei gezu gëtt, tëschent eiser konstitutioneller Situatioun an där däitscher, dee leit also un e puer Feeler am Räsonnement. Deen éischten ass: Den Asaz vu Militär am bannenzegen Asaz ass zu Lëtzebuerg net verbueden. Déi däitsch Verfassung kennt e Recht op Liewen, wat an eiser Verfassung net explizitt do ass. An et ass nëmmen an der Verbindung vun deenen zwee, datt de Leitsaz vum Februar 2006 geholl gouf.

Dann ass nach vum Principe de proportionalité rieds gaangen. Och do gesi mir u sech kee Problem, well jo eng Attack géint zum Beispill Kettenuewen oder de Stausëi mat vill méi Doudeger géif wahrscheinlech ausgoen, wéi d'Attack oder d'Ofschéissen „nëmmen" vun deem betraffene Fliger - „nëmmen" tëschent Anführungszeichen. An domadder wären net nëmmen déi Leit eben dout am Fliger, déi esou oder esou wäerte stierwen - leider Gottes! -, mä eben och nach zousätzlech onschëlleg Affer. Dat kann, wéi gesot, och a ganz grouss Zuele goen.

D'ADR huet also hei eng ganz kloer Positioun, anescht wéi d'Regierung oder och anescht wéi de Spriecher vun der CSV, dee virdru geschwat huet, deen dat éischter als Fro formuléiert huet. Fir eis ass et ganz kloer, datt e Fliger, deen an der Hand vun Terroristen ass an dee sech net ofdréien oder zur Landung zwénge léisst, muss ofgeschoss ginn. Dat ass ganz ouni Zweifel schrecklech. Mä wann ee bedenkt, wat d'Land riskéiert, wann dat net geschitt, a wivill aner Mënscheliewen dann nach um Spill sinn, schéngt dat an eisen Aen absolutt evident, datt dat muss gemaach ginn.

Mir stellen eis och, a mir hunn dat an der Kommissioun gemaach, eng Rei Froen iwwert d'Versécherungen, iwwert d'Applikatioun vum Status of Forces Agreement, wat et géif heeschen, wann auslännesch Pilote versécherungsméisseg hei zivill Fliger géifen ofschéissen oder wann et zu engem grousse Schued kéim. Dat ass awer eng accessoire Considératioun. Am allerwichtegsten ass d'Ofwiere vun der Gefor selwer.

Mä et ass awer och eng Geleeënheet, nach eng Kéier drop hinzeweisen, datt et wichteg wär, datt mer eng Responsabilité civile bei den Atomkraaftwierker sollten - et gëtt eng Rei Konventiounen, déi Lëtzebuerg nach net ënnerschriwwen huet -, datt mer dat och sollte maachen. Et ass näämlech och net ausgeschloss, datt ouni Renegade en ziville Fliger kann zum Beispill géint en Atomkraaftwierk fléien an domadder och Schued verursaachen.

Dann déi lescht Bemierkung. Ech hat déi ugekënnegt bei deem Gesetz virdrun. Och hei erëm eng Kéier, zemools wann et drëm geet, an dat ass jo an där Prozedur virgesinn, déi e puer Etappen huet, wat geschitt bei engem Fall vun engem Renegade - eng Warnung; eng Kontaktopnam visuell; probéieren, de Fliger ofzedréien; probéieren, de Fliger zur Landung ze bréngen, Warnschëss -, dann ass et och wichteg, datt mir och hei erëm eng Kéier Kontroll iwwer eisen eegene Loftraum kënnen ausüben. A mir kënnen nëmme bedaueren, datt d'Regierung drun denkt, dat auszelageren.

Dat gesot, wäert Der verstoen, datt mir am Interessi vum Land a vu senge Leit dëse Projet net kënne matstëmmen. Mir denken, datt en der Verantwortung, déi mer an esou engem Fall hunn, net gerecht gëtt.

Ech soen lech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- A leschte Riedner ass den Här Marc Baum, deen elo direkt d'Wuert huet.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. De Rapporteur, den Här Angel, huet zu Recht gesot, datt et e ganz sensibele Sujet ass. An ech mengen, datt en eigentlech a sengen Explikatiounen och op verschidde Punkten higewisen huet, déi effektiv Problemer kënnen duerstellen an déi Deel si vun dësem Accord, deen elo vu mengem Virriedner awer esou kritiséiert ginn ass.

Deen Accord, iwwert dee mer ofstëmmen, gesäit eng gemeinsam Organisatioun vun der Flugraumsécherheet vun de Benelux-State vir, am Fall wou en net militäresche Fliger d'Sécherheet vun engem vun deenen dräi Länner respektiv vun der Bevëlkerung menacéiert.

Am Fall, wou esou e Fliger detektéiert gëtt, verschmëlzen d'Loftraim vun deenen dräi Länner zu engem eenzegen, an da leeft eng Prozedur un, déi aus véier Etappe besteet, vun der Kontaktopnam mat deem verdächtege Fliger iwwer Warnschëss bis hin zum Ofschoss, der Force létale, vun deem Objet.

Déi lescht Optioun, den Ofschoss, d'Force létale, dierf awer net iwwer lëtzebuergeschem Loftraum geschéien, mä just iwwer belschem an hollänneschem. An et ass och d'Force létale, déi awer zu dësem Accord gehéiert, déi fir eis e gréissere Problem duerstellt.

Här President, an Däitschland gëtt et effektiv eng Diskussioun ronderëm d'Force létale, d'Uwendung vun der Force létale, zanter dem Nine-Eleven. Si koum besonnesch op, well e puer Méint nom Nine-Eleven e Sportfliger iwwer Frankfurt geflunn ass, ouni weider béis Absichten oder och ouni weider geféierlech ze sinn, an awer fir grouss Panik bei de Leit gesuergt huet. Déi deemoleg Bundesregierung wollt iwwer Gesetz erméiglechen, datt et a bestëmmte Fäll zum Ofschoss vun esou Flugobjete ka kommen, ganz äänlech wéi dat och elo hei mat dësem Accord virgesinn ass iwwert den Territoirë vun der Belsch a vun Holland.

Et waren deemools ënner anerem déi Liberal ronderëm engem gemeinsamen Homonym, dem Gerhart Baum, déi virum däitsche Verfassungsgeriicht geklot hunn. Dat däitscht Verfassungsgeriicht ass dunn och zum Schluss komm, datt esou eng Erlaabnis géint dat däitscht Grondgesetz verstéisst aus zwee Grënn: éischtens, an dat ass och gesot ginn, well d'Militär an Däitschland net banne kann agesat ginn an, zweetens, well et e Verstouss géint d'Recht op Liewen a géint d'Garantie vun der Dignitéit ass.

Här President, mir sinn awer och amgaangen, un enger Verfassungsreform ze schaffen, déi an der Ëffentlechkeet breet diskutéiert gëtt. An an där Verfassungsreform steet am Kapitel 2 ënnert dem Titel „Droits fondamentaux", Artikel 12: «La dignité humaine est inviolable.» An et geet weider, den Artikel 13: «Toute personne a droit à son intégrité physique et mentale.»

Dat ass de Projet vun eiser Verfassung. Duerfir sinn déi verfassungsrechtlech Iwwerleeunge vu mengem Virriedner, a mengen Aen, awer och ënnert deem dote Bléckwénkel ze kucken.

D'Diskussioun an Däitschland huet awer net 2006 opgehalen, se geet bis haut virun. 2012 ass et e weidert Uerteel gi vum däitsche Bundesverfassungsgeriicht, wat seet, datt en Ofschoss vun engem Fliger ka rechtens sinn, wann e vun der Regierung, net nëmme vum Défenseminister, mä vun der Regierung autoriséiert gëtt, an och just dann, wann nogewisen ass, datt sech u Bord just Terroristen a keng Ziviller oder Onschëlleger befannen. Dat ass och am Moment déi aktuell Situatioun an Däitschland. Dat heescht, och wann elo Horrorzeenarie gemoolt ginn, datt Lëtzebuerg dann esou wéi e rechtsfräie Raum wier, esou muss ee soen: An Däitschland ass dat och esou! An Däitschland kann net e Fliger, dee voll bemannt ass, ofgeschoss ginn.

Bon, wat décidéiere mir elo eigentlech hei? An ech mengen, datt dat awer eng gewësse Problematik huet. Mir participéiere mat dësem Accord oder mir participéieren als Chamber hei un engem Accord, dee virgesäit, datt an Zukunft e Stat, wann och net de lëtzebuergeschen, d'Erlaabnis kritt, fir kënne geziilt op e Fliger, e bemannte Fliger schéissen ze loossen, dee potenziell eng Gefor duerstelle kéint.

Mir sinn domadder Vertragspartei vun deem Accord. An effektiv, et ass och esou, datt an deem Fliger Onbedeelegter respektiv Onschëlleger kënne sëtzen, déi ebe just dee Pech haten, datt se just zum falschen Zäitpunkt an deem falsche Fliger souzen.

Lëtzebuerg wëllegt zwar net an, datt iwwer sengem Territoire dëst dierf geschéien, den Ofschoss, mä et mécht d'Saach an eisen Aen awer net onproblematesch doduerch, well mer ebe Vertragspartei si vun engem Accord, deen dëst ënnerstëtzt an der Praxis. An d'Loftraim vun deenen dräi Länner gi jo am Fall vun enger Menace och zesummegeschloss, woumat sech Lëtzebuerg och net aus der Verantwortung zitt, wann dat an engem anere Land geschitt, deemjéinegen, wou den Ofschoss schlussendlech stattfënnt.

Fir eis stellt sech d'Fro, ob an, wa jo, wéini een iwwerhaapt honnertprozenteg sécher ka sinn, datt e Flugobjet genotzt gëtt, fir eng Attack auszeüben, well hei dierft et jo eigentlech op kee Fall Zweifel ginn an et misst een eng honnertprozenteg Sécherheet hunn. Mä mir wëssen awer alleguer, datt déi honnertprozenteg Sécherheet eppes onheemlech Schwiereges an deem doten Domän ass.

Ass honnertprozenteg Sécherheet iwwerhaapt feststellbar? A wa jo, ass et richteg, dem Liewe vun onschëllege Leit en Enn ze setzen, fir aner Liewen ze schützen? Kann ee Mënscheliewe géinteneen opweien? Hellegt den Zweck d'Mëttel? Dat sinn alles wesentlech Froen, déi awer opbleiwen, och heimadder.

Well, wien hëlt schlussendlech déi Décisioun, datt et mat honnertprozenteger Sécherheet keen Zweifel dru gëtt, datt e Flugobjet genotzt gëtt, fir eng Attack op d'Bevëlkerung ze maachen? A virun allem, wéi eng Garde-foue sinn dran an deem Accord? Well och deen Accord a sengen Detailer ënnerläit jo engem Geheimnisprinzip a läit eis an där doter Explizititéit natierlech och net vir.

Här President, och wann an deem heite Gesetzesprojet iwwer lëtzebuergeschem Territoire d'Force létale net legitiméiert ass, wat natierlech och an der Praxis, aus deene Grënn, déi virdrun och schonn opgezielt gi sinn, immens schwéier wier, menge mir, datt sech trotzdeem ganz, ganz vill prinzipiell Froe stellen, wat de Renegade ugeet, well mer awer un engem Accord participéieren indirekt, deen den Ofschoss vu Fligere méiglech mécht.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och. An d'Wuert huet den zoustännege Minister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Défense.-* Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer elo emol no zéng Joer, wou dat doten diskutéiert gëtt, endlech hei en Accord Benelux fäerdegbréngen, fir déi Situatioun ze klären, fir eise Loftraum ofzesécheren am Fall vun enger Menace.

Et ass och esou, fir op déi Froen ze äntwerten, déi elo komm sinn, dass, wann et dozou kënnt, d'ANA net méi de Lëtzebuerger Loftraum kontrolléiert, mä eng aner Firma, dann huet déi natierlech genee déiselwecht Oplagen an Obligatiounen, wéi eng aner se hätt, respektiv et leeft no genee deeneselwechte Prinzipien.

Da koum d'Fro vum Här Halsdorf, wat den Dédommagement ugeet, wann et zu enger Interventioun kéim op Lëtzebuerger Territoire respektiv zu Schied kéim. Do ass et effektiv esou, dass deen Accord SOFA spillt. Dee spillt aus deem einfache Grond, well et hei ëm eng Interventioun op NATO-Territoire géif goen. An do gëtt et en Accord sur le statut des forces vun 1951, deen dat am Detail regelt an deen huet Lëtzebuerg och ratifiéiert. Vun dohier ass dat rechtlech gesinn an der Rei.

Et ass och ugeduecht, dass et eben elo, nodeem mir de Benelux-Accord hei getraff hunn, dann nach Diskussiounen a Verhandlunge wäerte ginn tëschent der Benelux an Däitschland respektiv tëschent der Benelux a Frankräich, fir äänlech Accorden ze maachen.

Et ass d'Fro opkomm, wien d'Décisioun hëlt am Fall, wou eng Décisioun hei am Land ze huelen ass. Dat ass ganz kloer exklusiv de Minister vun der Défense, deen dat muss maachen. An dee muss sech net nach berode mat anere Ministerkolleegen, och net mam Premierminister.

Dir hutt näämlech recht, wann Der sot, dass, wann et hei eng Urgence gëtt an eng Décisioun muss geholl ginn, een dann net nach ka laang Meetingen aruffen. Et ass also ganz kloer den Défenseminister, deen dann hei eng Décisioun muss huelen. A wann dee verhënnert oder net opzefannen ass, dann ass et de Justizminister respektiv de Minister vun den Affaires étrangères.

Ech mengen, dee Punkt, deen eis alleguerten och scho jorelaang beschäftegt - deen ass och vun alle Fraktiounen hei erwäänt ginn -, dat ass dee vun der letaler Force, dat heescht am Kloertext: Gi mer den Hollänner respektiv de Belsch d'Recht, fir en ziville Fliger hei iwwer Lëtzebuerger Territoire ofzeschéissen, wa mer en als Menace gesinn, wann et als Menace definéiert ka ginn?

Mir hunn derfir optéiert, fir dat net ze maachen, aus deene bekannte Grënn, well eis Verfassung am Artikel 11 et esou virgesäit, dass dat doten eigentlech net am Aklang wier mat der Verfassung. Ech gesinn och, dass d'Reform vun der Verfassung net virgesäit, fir dat doten ze änneren. Also hu mir d'Recht net, bei Onbedeelegter, déi gegebenenfalls an esou engem Fliger sëtzen, fir deenen hiert Liewen ze opferen, fir esou en Attentat an deem heite Fall da kënnen ze verhënneren.

Dann ass ganz oft hei vu Kettenuewen geschwat ginn. Ech mengen, et ginn e puer Situatiounen. Et gëtt d'Situatioun, dass Der ee Fliger hutt, ee Passagéierfliger, dee vu méi wäithier kënnt, dee probéiert, d'Zil Kettenuewen unzesteieren, da muss ee sech natierlech och d'Fro stellen: Firwat grad Kettenuewen? Well wann en aus der Belsch, aus Däitschland oder aus Frankräich kënnt, huet en um Wee fir heihinner wahrscheinlech nach aner Méiglechkeeten.

Mä gutt, de Fall gesat, dat wär esou, musst Der wëssen, dass esou e Fliger, well wa mer elo vu Fligere schwätzen, vun der Gréisst vu Fligere schwätzen, déi wierklech kéinten e Schued uriichten, wa se op Kettenuewen falen, da si mer an der Kategorie vun Jumbo Jetten. Esou e Fliger brauch an der Regel 200 Kilometer, fir op esou en Zil kënnen duerzesteieren. E kann net einfach driwwerfléien an eroffalen. Esou geet dat net. Dat heescht, deen huet eng Ulafzäit vu ronn 200 Kilometer.

Dee Moment, wou dee seng Héicht, säin Niveau verléisst, ass dat natierlech schonn direkt ënner Observatioun. Dat heescht, do sinn dann all Mechanisme schonn en vigueur, fir deen éischtens emol opzeruffen, erëm seng Héicht anzehuelen, respektiv all déi aner Mesuren ze huelen, déi de Rapporteur virdru ganz kloer opgewisen huet. All déi Méiglechkeeten hu mer.

Wann et dann awer dozou kéim, dass sech definitiv erausstellt, dass dee Pilot, deen do drasëtzt, wëllt op Kettenuewen en Attentat maachen, dann ass et natierlech a leschter Instanz d'franséisch Arméi, d'franséisch Loftwaff, déi dann d'Méiglechkeet huet, iwwer hirem Territoire de Fliger a leschter Minutt ofzeschéissen. Bei eis geet dat definitiv net.

Dat heescht, wa mer eis där doten Hypothees…, wa mer et aus deem dote Bléckwénkel kucken, da gëtt et nach eng realistesch Chance, fir esou e Fliger ofzefänken, ier et zur Katastroph…, bon, ier et zu nach méi enger grousser Katastroph kënnt.

Mir hunn awer - an dat muss een och ganz kloer soen, et ass jo och vu Virriedner gesot ginn - och en eegene Flughafen hei a mir hunn och op deem eegene Flughafen hei Jumboen an där Gréisst, déi dat dote kéinte verursaachen an déi eigentlech da just bräichten ze starten an direkt an d'Zil eranzefléien. Ech schwätzen awer hei net nëmme vu Kettenuewen. Mir schwätzen och vum Kierchbierg, vun den Héichhaiser, vum Stauséi ass geschwat ginn. Alles dat ass e Risiko, dee besteet. Dat wëll ech absolutt net verheemlechen.

Mä et gëtt awer och keng Léisung fir deen dote Risiko. Well och, wa mer géife soen: „Mir akzeptéieren, dass esou e Fliger ofgeschoss gëtt", da geet déi Distanz, déi dee Fliger muss zréckleeën, respektiv vun deem Moment un, wou engem bewosst gëtt, wat dee wëlles huet, bis dohinner, wou säin Zil ass, mat Sécherheet ni duer, fir dass esou e Kampfjet an der Belsch respektiv an Holland ka starten an deen hei ofschéisse respektiv offänken. Dat heescht, deen do Reschtrisiko, dee bleift ganz kloer, an ech mengen, dat muss een esou gesinn.

Op där anerer Säit gëtt et natierlech och um Flughafen eng ganz Rei Kontrollen a Mechanismen, fir eben ze évitéieren, dass et esou wäit ka kommen. Mä et wär falsch, hei d'Leit an enger Iwwerzeegung ze loossen, dass ni eppes ka passéieren. Dat kann ech definitiv net. Mä, wéi gesot, deen heiten Accord, dee mer elo hunn, dee gëtt eis elo emol e Maximum vu Sécherheet, dee méiglech ass mat eiser Verfassung, esou wéi se de Moment besteet.

Da wëll ech nach ee Wuert soen zu der Publikatioun vun deenen Accorden, Accords de mise en œuvre technique. Do ass et esou, dass déi Accorden exklusiv den Hollänner an de Belsch hir militäresch Asazprozedure concernéieren an dass Der do musst verstoen, dass déi net d'accord sinn, dass mir hei hir Asazprozedure publizéieren, wa si selwer dat net an hirem Land maachen.

Voilà, dat gesot, nach eng Kéier, ech si frou, dass mer elo no zéng Joer emol zumindest als Lëtzebuerg kee wäisse Fleck méi op der Landkaart sinn, dass mer e Maximum geregelt hu vun deene Menacen, e Maximum am Grëff hunn, an dat am Aklang mat eiser Verfassung.

Merci villmools!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och, Här Minister.

Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen a mer kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6949 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6949 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer an de Projet ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen an 2 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

A mer kënnen zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6986, eng Deelreform vun der Beruffsausbildung. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Claude Lamberty.

7. 6986 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Lamberty *(DP), rapporteur.-* Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, mir debattéieren haut iwwer eng punktuell Reform vun der Formation professionnelle. Punktuell, well se sech mat e puer ganz wichtege Schalthiewele beschäftegt, déi sech besonnesch fir d'Schüler positiv auswierken. Et gëtt hei op Lacunne reagéiert, déi de System momentan huet an déi eis jonk Leit, déi matten an der Beruffsausbildung sinn, net solle widder eng Mauer lafe loossen, fir d'Zukunft vun deene jonke Leit am Land also net ze hypothekéieren.

Erlaabt mer, e kuerzen Historique ze maachen, wéisou mir haut an där Situatioun sinn, fir mussen esou eng Mikroreform ze maache vun eppes, wat nach eng gréisser Reform ab Hierscht wäert no sech zéien.

Eng Reform vun der Formation professionnelle gouf am Joer 2008 eng éischte Kéier gestëmmt, mam Zil, déi gesamte Bandbreet vun der Beruffsausbildung zu Lëtzebuerg vu Grond op ze reforméieren. Eng ganz Rei Leit hunn net zu Onrecht vun der gréisster Schoulreform geschwat, déi Lëtzebuerg jee erlieft huet, inklusiv deene gréissten Erausfuerderungen, deenen ee sech konnt stellen.

En Neistart vun der ganzer Beruffsausbildung klengt extrem innovativ, ass e groussen Challenge, mä do muss een hannert deene Wierder vläicht ganz kuerz erklären, wat dat genee heescht. Progressiv goufe säit 2010 120 Formatiounen, 120 verschidde Beruffsausbildungen an eise Schoulen nei organiséiert an nei agefouert. 120 Formatiounen heescht natierlech 120-mol ënnerschiddlech Erausfuerderungen, 120 verschidde Problemfelder an 120-mol verschidde Besoinen.

Eleng déi Zuel léisst eranen, dass et sech ëm e ganz groussen Challenge handelt, deen net ganz esou einfach um Terrain ëmzesetzen ass. Dohannert stécht souwuel e ganz grousse mënschlechen Invest vun de responsabele Leit, déi sech um Ausschaffe vum Projet bedeelegt hunn, wéi och natierlech de Leit um Terrain. Et kann ee sech natierlech froen, firwat déi grondleeënd Ännerungen 2008 komm sinn a wat d'Ziler waren, fir 2008 d'Gesetz ze stëmmen an déi ganz Beruffsausbildung quasi vu Grond op nei ze gestalten.

Déi Ännerungen waren 2008 aus véier Grënn gemaach ginn: éischtens, fir d'Qualitéit vun der Formatioun ze assuréieren, voire ze erhéijen; zweetens, fir d'Integratioun an d'Aarbechtswelt ze verbesseren; drëttens, fir den Accès op de Lifelong Learning ze garantéieren, a véiertens, fir den Taux d'échec erofzesetzen.

Dat Ganzt hat een iwwergeuerdnet Zil, an dat war, dass keng Jonker hei am Land d'Schoul ouni Diplom sollte verloossen. Opgebaut op Kompetenzen a Modullen, war déi nei Formation professionnelle an der Realitéit awer enorm komplex ëmzesetzen. De Schüler hat elo net méi dee klassesche Punktesystem, och net méi ee ganz strikte Joressystem, mä quasi een À-la-carte-Menü, wou e seng Kompetenzen an de verschiddene Modulle konnt ënner Bewäis stellen.

Fir net bestane Modullen huet een eng kloer definéiert Zäitfënster, fir déi Modullen nozehuelen. Einfach gesot, et konnt een also ee Module net packen am Joer an awer weider a sen-